

Dem Klatzkapp säin Eckhaus

Tas schwäikal. De Pitt huet d'Ti-rett vun der Canadienne bis un d'Guur-gel zougezunn. Séng Hänn stiechen an de gefidderten Täschen. Geséich een an d'Täschen, da geséich een zwou Fäisch. Sou war de Pitt nach ni ugeschmiert gin! E stuurkt op dem Klatzkapp säin Eckhaus. Fir d'wéivillt well? D'Roserei stéisst en e puermol an der Woch heihinn.

Virun zwee Joer goug et un. Den Eck war nach an der Rei. 'T hat nach keen Architekt un den ale Fassade gerékelt. 'T war nach alles wéi aus engem Goss. 'T gouf keen Eck méi an der Stad, deen nach sou an der Rei war. Jhust ver-dreckst a verknascht. Di meescht Wunnéng ware verlount, déi Leit as et näischt ugaangen. An den Eegentémer war et egal.

Du koumen déi aus der Regierung an hun d'Leit beim Jos heivir zesummegeruff; d'Eegentémer; och dat as d'Locatairen näischt ugaang. Mä de Pitt war do. Hie souz beim Comptoir an huet dem Gestreits nogelauschert. De Klatzkapp war mol nüt entschëllegt.

Déi vun der Regierung hate Faarf-prouwe bei sech. Dës Fassad sollt sand-giel gin, déi aner méi an d'Wäisst, eng aner méi an d'Grot. Hir Zeechnong huet gutt ausgesinn, d'Eegentémer hun et selwer zouginn. Dem Klatzkapp säin Eckhaus hätten se gären am gebrachene Wäiss gehat.

D'Regierung géif souansouvill de Meterkaree bäi, mä 't missten déi Natur-faarwe sin, keng aner, an och näischt Gesprézttes! Herno waren di eng es d'accord, déi aner hu gesot, se géifen sech et nach iwverleën; hiner puer hu gemengt, d'Regierung sollt mol nach e Krack bäigin.

Se koumen nach zweemol beim Jos zesummen. De Klatzkapp war ni do. Mä de Pitt! En as herno seguer deene

vun der Regierung opgefall. Een huet e gefrot, op dat hie géing intresséieren. Ech wunne beim Klatzkapp, sot hien. Sid dir nüt de Pitt Meyer, de Moler?, gouf e gefrot. Da géifen se säin Interessi verston. Tja, dat mam Klatzkapp, dat géif eng haart Noss, hun d'Häre gemengt. Se woussten nüt wéi recht se haten.

'T as nüt wéi wann de Klatzkapp et nüt hätt kenne man. 'T war nüt säin een-zegt Haus, e soll der op d'mannst sechs, siwen hun, hun s'an de Versammlunge gesot. Eng Kéier huet de Pitt en am Tra-penhaus begéint. Firwat hien nüt mat-méich, huet hien e gefrot. Wat geet dat iech dann un?, sot dee jhust an as mat séngem Filet voll Orafschen a Mëllech d'Trap aus geknéchelt, dee Kuuschte-sak!

Du sin d'Fassade gemaach gin. D'Stee stoug e puer Méint laanscht de ganzen Eck. A wéi se se wechgeholl hun, kruten d'Leit vun der Regierung recht: D'Subsidiefaarwen hu saugutt ausgesinn. Jhust do, wou d'Strooss em den Eck gaangen as, dem Klatzkapp säin Haus, dat stoug do wéi eng Dout-sénn. D'Leit aus der Stad sin sech dee schéinen ale Stater Eck ukucke komm an hun sech gréng a giel iwwer de Klatz-kapp geiergert. 'T stoug seguer an der Zeitung, dat dat eng Schwéngerei wir.

Mä 't soll jo nème kee mengen, dee Klatzkapp, deen Tock wir du an d'Knéie gaang, en hätt du wéi di aner misse man. Näischt huet e gemaach; a gemaach, wéi wann et hie kee Fatz ugéing. En huet jhust nach e Krack méi ganzeg drage-kuckt an séng Locatairen vun engem Dag op deen aneren de Loyer gehéicht. Duerdrop as e verschwonn; an d'weiler-baach soten se.

'T huet dem Pitt gewullt, en huet gekacht; deen hobiche Klatzkapp misst ee bei d'Lisett loossen, souz en dacks

owes beim Jos ze spintiséieren. Awer wéi?

Du as him enges Daags eng Zäit-schréft an d'Gräpp gefall, a vun enger Sekonn op di aner as et duurch hie gefuer: Da'as d'Iddi, lo don ech e frek-ken, lo geet en awer drun! Looss deen aus der Weilerbaach rëmkommen!

De Moritz aus dem Pafendall huet him eng Hand ugepaackt. Samschdes mëttes hun s'ugefaangen, an am spéide Sondegmëtte waren se fäerdeg. 'T war eng gellech Murks, mä méindes sin d'Leit zesummegelaf fir ze afen an sech vreckt ze laachen. Wien der Däiwel war dat do?, hun se sech an och déi aus dem Eck gefrot, mä déi hu gegrint an d'Schëllere gezunn. Se hun de Bak gehal an sech drop gefreet, wann de Klatz-kapp aus der Weilerbaach rëmkéim.

Deen aneren Dag war e schon do. 'T muss een em telefonéiert gehat hun. E stoug déisäit um Trottoir bei der Kiirch an huet sech séng Fassad ugekuckt. En huet kee Wuert gesot. Daags drop as en nees an d'weilerbaach gefuer.

An e puer Deeg méi spéit war eng Foto vum Haus an der Zeitung. An en Artikel derbäi, deen déi groussarteg Fas-sademolerei an de siwenten Himmel gelueft huet. Deen Haushär hätt en Häerz fir dat Spontaant, an de ganzen Eck géif d'Stad em eng touristesch Kuriositéit méi räich maachen.

De Pitt spiirt d'Keelt duurch séng Täschen, séng Zéiwe si wéi Äis. Seguer am Schäi vun de Stroosseluuchte gesäit séng Fassad mat deene ville klengen Hai-ser a Geranifënsteren a bloëm Himmel a Vigel a Beem nüt iwvel aus.

Hues de héiren, datt de Klatzkapp bei der Regierung e Subsid ugefrot huet, fir eist Gemools?, koum de Moritz gëschter.

De Pitt hat e bal ëmbruecht.

Josy Braun




Illustration: Hendrik Van den Kerckhove